Här Buergemeeschter,
léif Membere vum Schäfferot,
léif Membere vum Gemengerot,
(Vertrieder vun der Press
a léif Awunner vun der Gemeng Suessem)

Zënter lo bal 20 Joer wunnen ech mat ménger Famill zu Eilereng an ech hu mech vun Ufank un wuel gefillt hei an der Gemeng.

Wann een sech wuelfillt heescht dat fir mech awer och, datt een sech selwer aktiv dofir soll asetzen fir datt dat och esou bleiwt.
Vun 2007-2012 woar ech Elterevertrieder zu Eilereng an an där Fonctioun och Member vun der Schoulkommissioun ;
2010 koum dunn meng Entscheedung fir och politesch méi aktiv bei “déi gréng Suessem” matzeschaffen an dat äusser an der Schoulkommissioun och an der 3. Alterskommissioun an an der Chancegläichheetskommissioun, déi ech zënter e puer Méint als hir Präsidentin dierf leeden.

Ech frée mech op déi nei, grouss a spannend Aufgab, déi mech ab haut erwoart.

Ech wäert probéieren ëmmer een opend Ouer fir **all** eis Bierger ze hun, virun allem bei folgende Froen:

- wéi wëlle mer an eiser Gemeng wunnen ?
- wéi wëlle mer an eiser Gemeng schaffen ?
- wéi wëlle mer an eiser Gemeng eis Fräizäit gestalten ?
- wéi ass d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng ?

dat Ganzt natierlech am Sënn vun enger ökologescher an nohalteger Politik.

Als Mamm an Infirmière wäert ech nët midd gin, mech virun allem am soziale Beräich fir eis Kanner a Jugendlech, d'Leit vum 3. Alter an d'Leit deenen et n¨et esou gudd geet anzesetzen. Dobäi wäert ech manner meng Ielebéi, wéi méi mäin Häerz a mäi Verstand asetzen fir eppes ze erréchen.

An dëser Zäit, an där d'Solidaritéit ëmmer méi wichteg gëtt, wäert ech probéieren, datt all d'Bierger vun eiser Gemeng mateneen an nët nierfteneen wunnen.

Ech wënsche mär eng flott, fair a virun allem konstruktiv Zesummenaarbecht mat **ärch alleguer** heibannen.

Ech trieden awer hei keng einfach Nofolleg un, méi déi vum Dagmar Reuter-Angelsberg, eng Fra, déi an eiser Gemeng an nët nëmmen an eiser Gemeng, vill bewegt huet iwert laang Joeren.

Ech wëll hei vun der Gelegenheet profitéieren fir dem Dagmar nach eemol Merci ze soen a wäert probéieren de Wee vum Dagmar nët ze ënnerbriechen, mee esou gudd wéi et mär méiglech ass, weider äuszebauen.

Fir ofzeschléissen wëll ech ärch een Zitat vum Ernest Hemingway zum Bäschte gin, dat mär besonnesch um Häerz läit: “d’Welt ass eng schéi Plaz (och eis Gemeng) an se ass ët dowäert, datt een em se kämpft”.

Ech soen ärch Merci fir d’Noläuschteren.